13.02.2020

WIRTSCHAFTS- A SOZIALROT

Frontalieren ëmmer méi wichteg fir de Räichtum vum Land

Vum Maxime Gillen (Radio)|Update: 13.02.2020 18:07|28 Commentaire(n)

© *Maxime Gillen (Radio)*

De Wirtschafts- a Sozialrot huet en Donneschdeg een Avis iwwert dëst Thema presentéiert.

43 Prozent vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, si Frontalieren. Bannent den nächsten zéng Joer sollen et der nach eng Kéier 50 Prozent méi sinn, dat heescht insgesamt ronn 60 Prozent vun de Leit, déi am Grand-Duché schaffen.

Et wier deemno wichteg sech bewosst ze sinn, wéi grouss de Phänomen vun de Frontaliere wierklech ass, esou de President vum Wirtschafts- a Sozialrot, Jean-Jacques Rommes. Dofir huet de CES en Donneschdeg de Moien en Avis zu deem Thema presentéiert.

Play Video

Extrait Jean-Jacques Rommes

Jean-Jacques Rommes: "*Eis ekonomesch Croissance an eisen ekonomesche Räichtum, dee mir hei schafen, ass direkt liéiert mat de Frontalieren. An dat ass direkt liéiert mam Stau. Dat heescht, wien de Stau vun haut op muer wëll ofschafen, dee ka sech de Lëtzebuerger Räichtum och ofschminken. An engem Coup, mat de Frontalieren. An dat muss ee sech awer emol bewosst sinn, a wéi engem Mooss, dass dat de Fall ass*."

An Tëschenzäit wier et och ëmmer méi schwéier ginn, fir qualifizéiert Mataarbechter an der Groussregioun ze fannen, erkläert de Jean-Jacques Rommes weider. Dat géif engersäits doru leien, dass allgemeng manner Leit disponibel wieren, an et schwéier wier, gëeegent Leit dozou ze kréien op Lëtzebuerg ze kommen. Eng direkt Konsequenz vun den iwwerfëllten Zich, de Stauen op de Stroossen an den héije Logementspräisser, esou nach de President vum Wirtschafts- a Sozialrot.